LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse commune du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et du ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°4520 du 23 juillet 2026 de l'honorable députée Alexandra Schoos au sujet de la fermeture prolongée des passerelles de la source du Kallektuff et le retard des travaux de rénovation

1) Wéi begrënnt d'Regierung déi an dësem Fall aussergewéinlech Schwieregkeeten, fir d'Responsabilitéit vun enger Renovatioun ze klären? Wéi eng Prozedur ass normalerweis virgesinn, fir d'Responsabilitéit vun Ënnerhalts- a Renovatiounsaarbechten un touristescher Infrastruktur a Bëschgebitter festzestellen? Kann den Här Minister preziséieren, a wéiwäit de virleiende Fall sech dovunner ënnerscheet?

Wéi schonn an den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen n°4062 an n°4239 präziséiert gouf, ass d'Weiderféierung vum Projet dovun ofhängeg, datt d'Responsabilitéiten am Zesummenhang mat der Maîtrise d'ouvrage, der Finanzéierung, der zukünfteger Gestioun an dem Entretien vun der Infrastruktur tëscht de betraffenen Acteure kloer festgeluecht ginn.

Am konkrete Fall besteet d'Schwieregkeet doran, datt bis elo keen Acteur sech bereet erkläert huet, d'Maîtrise d'ouvrage an déi domat verbonne laangfristeg Responsabilitéite fir d'Gestioun an den Entretien vun der Infrastruktur ze iwwerhuelen.

2) Wéini huet sech d'Regierung fir d'lescht mat sämtleche betraffenen Acteuren op Gemengen- a Verwaltungsniveau un een Dësch gesat a wéi eng Conclusioune goufen dobäi festgehalen? Goufen déi entspriechend Decisiounen an engem schrëftleche Rapport festgehalen? Falls net, firwat net?

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4062 erkläert gouf, hu verschidde Concertatiounsreuniounen a bilateral Réuniounen tëscht den involvéierten Acteure stattfonnt, dorënner d'Administration de la nature et des forêts, de Wirtschaftsministère d'Offices régionaux du tourisme an déi betraffe Gemengen. Déi lescht Concertatiounsreunioun huet am Juli 2026 stattfonnt, heirun hunn de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, d'Naturverwaltung an de Wirtschaftsministère deelgeholl.

Déi fundamental Fro bleift dobäi d'Klärung vun der Maîtrise d'ouvrage, der Finanzéierung souwéi der zukünfteger Gestioun an dem Entretien vun der Infrastruktur.

3) Wéini ass déi nächst deementspriechend Entrevue geplangt?

Eng nächst Concertatioun wäert organiséiert ginn, soubal déi néideg Elementer fir eng weider Klärung vun de Responsabilitéiten tëscht de betraffenen Acteure virleien.

4) Kann d'Regierung confirméieren, datt déi zoustänneg Gemengen e vollstännegt Konzept fir d'Renovatioun virgeluecht hunn, dat duerno vun der ANF refuséiert gouf, well si sech fir zoustänneg erkläert huet? Falls jo, wéi begrënnt d'Regierung, datt säitdeem an dësem wichtegen Dossier näischt geschitt ass? Falls net, steet et den zoustännege Gemenge fräi, d'Aarbechte bäi eegener ziviller Haftung a bäi eegener Finanzéierung selbststänneg duerchzeféieren?

Et entsprécht net den Informatioune vun der Regierung, datt déi zoustänneg Gemengen e vollstännegt Renovatiounskonzept virgeluecht hätten, dat vun der Administration de la nature et des forêts refuséiert gi wier, well dës sech selwer fir zoustänneg erkläert hätt.

Wéi schonn an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°4062 an n°4239 erkläert gouf, ass de Projet bis elo net weidergeféiert ginn, well d'Froe vun der Maîtrise d'ouvrage, der Finanzéierung, der zukünfteger Gestioun an dem Entretien vun der Infrastruktur nach net definitiv gekläert sinn.

Eng eventuell Duerchféierung vun Aarbechten duerch eng Gemeng setzt viraus, datt dës am Aklang mat de gültege gesetzlechen a reglementaresche Bestëmmungen handelt, iwwer déi erfuerderlech Rechter an Autorisatioune verfüügt.

5) Kann d'Regierung eng Zäitschinn virleeë fir d'Etüden an d'Renovatioun vum Steeg, esou wéi vun der Bréck, déi iwwert d'Kallektuffquell féiert?

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4062 festgehale gouf, kann eng Decisioun iwwer d'Weiderféierung vum Projet eréischt geholl ginn, nodeems mat de betraffenen Acteuren d'Modalitéite vun der Maîtrise d'ouvrage, der Finanzéierung, der zukünfteger Gestioun an dem Entretien an, falls néideg, vun der Rekonstruktioun vun der Infrastruktur gekläert sinn.

Soulaang kee Projetsträger bereet ass, dës Responsabilitéiten ze iwwerhuelen, kann de Moment keng verbindlech Zäitschinn fir d'Etüden, d'Renovatioun oder d'Rekonstruktioun vum Steeg an der Bréck genannt ginn.

Et sief des Weideren dorop higewisen, datt d'Aarbechten um klenge Steeg iwwert dem Baseng vun der Kallektuffquell, fäerdeggestallt goufen.

Luxembourg, le 31/08/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de
l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles